

D'IFL huet an hirer leschter Sëtzung folgend Empfehlungen ausgeschafft am Kader vun der COVID19 Déconfinements-Phase.

Falls déi respektiv Gemengen d'Sportshal sollte fräi gi wier en Training ënnert folgend Bedingunge méiglech:

Vestiaire sollen zoubleiwen

Anhale vun all Sanitär Virschrëften an Social Distancing Mesuren

Den Indiacar Veräin soll Desinfektiounsmëttel an der Sportshal zur Verfügung stellen

Übunge sollen am Beschten a Gruppe vun 2, 4 oder 6 Spiller/inne gemaach ginn, domat Distanz ka gehale ginn

Trainingsmatcher kenne 4 géint 4 gespillt ginn, fakultativ ouni Block an Anhalung vun Distanzen

**Weider verpflichten sech d'Indiacar Veräiner eng Lescht opzestelle mat de Spiller/innen déi um Training participéieren.**

D'IFL weist op d'Responsabilitéit hin déi all Veräin, esou wéi all individuell Spiller a Spillerin huet an dëser spezieller Situatioun. Direkt oder indirekt Kontrolle vun der Gemeng an / oder aner Instanze sinn zu all Zäit méiglech. Irresponsabel Situatioune schueden an dem Fall net nëmmen den individuelle Veräin, mee och der gesamten Indiacar Reputatioun ze Lëtzebuerg.

**Mir zielen op iech All!!**